# Maach(t) mat bei eis um Relais pour la vie de Weekend vum 23. - 24.3.2024

D'Syrdallschoulen-Ekipp sicht nach Leit (Eltere, Kanner, Frënn,…) fir de Weekend vum 23. op de 24.3.2024 beim Relais pour la vie* (https://www.relaispourlavie.lu) matzeman. Bis elo si mer bal zu 60 Enseignanten, Elteren a Kanner déi als Ekipp dobäi sinn. Et feelen eis awer nach Leit fir déi 2.Ekipp an der Coque komplett ze man.

> *Beim Relais pour la vie (https://www.relaispourlavie.lu) sinn 2 Formule méiglech, déi eng (Formule 1), dat ass déi traditionell an der Coque, wou vu samschdes owes 19 Auer bis sonndes owes 19 Auer ëmmer ee vun der Ekipp op der Piste seng Ronnen dréint (lafen oder goen).*
>
> *Déi aner Formule (Formule 2) ass déi, déi coronabedéngt an d'Liewe geruff gouf. Hei ass jidderee fräi dee Weekend lafe, goe, Vëlo fueren… wéini a wou e wëll. Zil ass och hei als Ekipp insgesamt op 24 h ze kommen, wat bei der Zuel vun de Participante keen Thema ass.*

Wann nach e puer Leit sech bei eis umelle fir an der Coque ee Relais z'iwwerhuelen, dann hätte mer 2 Ekippe komplett a mir kéinten da fir all Relais zu 2 Leit gläichzäiteg op der Pist sinn.

**Falls Du an der Coque wëlls matman, dann:**

1. dro Dech w.e.g. a mengem Organisatiounsformulär an: https://forms.office.com/e/f8Yw7udxva

2. a mell Dech dann iwwer dëse Link http://www.edulink.lu/i93l un. Dee Moment muss de dann och 15 EUR Participatiounskäschten un d'Fondation Cancer iwwerweisen. Du brauchs also bei der Umeldung Déng Visaskaart!

**Wann s Du dee Weekend léiwer mat denger Famill oder Frënn ausserhalb vun der Coque bei eis matméchs**, dann ass dat och méiglech. Du muss Dech dann och a mengem Organisatiounsformulär androen: https://forms.office.com/e/f8Yw7udxva an da gëss De am Februar vu mir kontaktéiert, soubal d'Aschreiwen fir des Ekipp méiglech ass (em den 20.Februar).

Ech wär frou fir Dech geschwë kënnen ze kontaktéieren an hoffen,dass De de Weekend vum 23.-24. Mäerz eng flott Zäit wäers hunn andeems de dech fir de gudden Zweck beweechs!

Clôd Schmit (claude.schmit@education.lu)

** Beim Relais pour la vie geet et drëms fir Sue fir d'Kriibsfuerschung ze sammelen, fir Solidaritéit mat de Kriibskranken auszedrécken a fir deene Leit ze gedenken, déi u Kriibs gestuerwe sinn.*

** Eis Fotosgalerie vun de leschten Editiounen: http://www.edulink.lu/hc4r*

** D'Konzept: https://www.relaispourlavie.lu/le-concept/*

** De Programm: https://www.relaispourlavie.lu/programme/*